



NEWSLETTER OKTOBER 2021



Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

Den Hierscht ass do an **e puer Deeg** feiert d'Minett UNESCO Biosphere hiren **éischte Gebuertsdag**.

An dëser Zäit ass vill geschitt an och an den nächste Méint wäert d'Ekipp vum Syndikat PRO-SUD, deen déi éischt Lëtzeburger UNESCO-Biosphär geréiert, viru schaffe fir den **natierleche Räichtum an den industrielle Patrimoine** vun eiser Regioun ze promovéieren.

Déi nächst Woche stinn awer ganz **am Zeeche vun de regionale Produiten** aus dem Süden.

An dëser Newsletter kucke mir awer och zeréck op den **«Man and the Biosphere» Jugendforum** am September a stellen iech **eise Podcast «Minett Mash Up»** vir, deen Enn vum Mount seng Première feiert.

Mir wënschen lech **vill Spaass beim liesen, lauschten a kucke** vun deem, wat mir amgaange si fir lech ze maachen.

D'Ekipp vun der Minett UNESCO Biosphere.

De Süden, dat schmaacht!



An de leschte Méint huet d'Minett UNESCO Biosphere, zesumme mat de Chercheuren vum LISER an der Ënnerstëtzung vum Ministère fir Landesplanung, eng **grouss Etüd iwwer de Konsum vu lokale Liewensmëttel** an den 11 PRO-SUD Gemengen realiséiert.

D'Resultater sinn elo do a weisen: **Et gëtt eng reell Demande fir dës lokal Produkter**.

An eisem **groussen Online-Dossier** fannt Dir vun elo un d'Detailler vun der Etüd an déi éischt Videoen, déi mir am Kader vun der Interpretatioun vun de Resultater an den nächste Wochen online stellen:

[DOSSIER LOKAL LIEWENSMËTTEL](#)

Minett Mash-Up



An e puer Deeg lancéiert d'Minett UNESCO Biosphere hiren **éischte Podcast**. Dëse gëtt an Zesummenaarbecht mam **ikNCI**, dem Centre National de la Culture Industrielle, an dem **MUAR**, Musée vun der Aarbecht realiséiert.

Zil ass et iech de Minett, **interessant Plazen a Leit** esou wéi flott Events op eng reegelméisseg Manéier ze presentéieren:

[ENTDECKT DE PODCAST](#)

SINNvoil-LAB



Zënter 2006 organiséiert de Syndikat PRO-SUD schonn d'**SUDTEC-Ateliere fir Schülerinnen a Schüler** aus de Grondschoule vun den 11 Gemengen, déi Member am Gemengesyndikat sinn.

Am Kader der SUDTEC an den 13. Oktober nees en **Atelier** fir eng Klass aus dem Cycle 2.1 vun der Escher Dellhéicht-Schoul. An hei goung et – och am Kontext vun de lokale Liewensmëttel - ëm den **«Éveil aux goûts»**

[ARTIKEL IWWERT DEN ATELIER](#)

#MAByouth



Während dem Weekend vum **24. bis de 27. September** hu sech knapp iwwer 50 jonk Particpante fir déi **2. Editioun vum MAB Jugendforum** vun den däitschsproochege Länner zesumme fonnt. Lëtzebuerg war duerch d'Minett UNESCO Biosphere vertrueden.

Wat déi Jonk sech wënschen, am Kontext vun den UNESCO-Biosphärereservater, kënnt dir hei no-liesen:

[RÉCKBLÉCK OP DE FORUM](#)



6, Ellergonn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG
+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

